



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6812 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Am Kader vum Gratuitéitsprogramm fir den Enseignement secondaire schafft den Educatiounsministère weiderhi mat all deene Lëtzebuenger Librairien zesummen, déi all Schouljoer op en Neits d'Konditioune vun der entsprecherender Soumissioun erfëllen. D'Applikatioun www.mybooks.lu wäert och déi nächst Joren als zentral Plattform vum Grattisschoulbuchprogramm déngen.

Ad 2)

Wéi héich den Taux vun den digitale Schoulbicher am Secondaire an Zukunft wäert leien, ass net virauszegesinn. Den Undeel vun den E-Book-Versiounen un alle Schoulbicher hänkt vun der editorialer Offer a vu pädagogesch-didakteschen Decisioune of, déi an de Programmkommissiounen getraff ginn.

Ad 3)

D'Distributioun vun den obligatoresche Schoulbicher am E-Book-Format wäert och an Zukunft net iwwert d'Librairien ofgewéckelt ginn.

Ad 4)

Als Distributeur huet de SCRIPT keng legal Obligatioun, en Droit de retour vun 20 % ze accordéieren.

Ad 5)

Duerch den Ëmstand, datt de SCRIPT am Kader vun der Distributioun vum Schoulbuchtitel "Envol" keen Droit de retour zouléist, entsteet der einzelner Librairie kee finanziellen Nodeel. Et steet all Librairie fräi, méi dacks méi kleng Quantitéiten ze bestellen. Doduerch gëtt en Droit de retour de facto onnéideg.

Lëtzebuerg, de 6. Oktober 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH